

No 6373

CHAMBRE DES DEPUTES

Session ordinaire 2012-2013

PROJET DE LOI

portant modification du Titre III du Livre IV du Code du Travail

*** * ***

Discours

Sylvie ANDRICH

Här President,

Dir Damen an dir Hären,

Fir d'aller Éischt erlaabt mer dem Rapporteur, dem honorabelen Här Roger Negri, villmools Merci ze soen fir säin ausféierlechen mëndlechen a schrëftlechen Rapport.

Wéi mer elo just héiren hunn, ass den Gesetzprojet 6373 op eng Directive 2009/38/CE vum 6. Mee 2009 zréckzeféieren déi eng Directive 94/45/CE vum 22. September 1994 ersetzt. Sënn an Zweck vun der Directive vun 1994 war et den europäeschen Betribsrot an d'Grenziwwerschreidend Informatiouns- an Consultatiounsprozedur an d'Legislatiounen vun den Memberstaaten anzeféieren.

D'Directive vun 1994 ass haut an eisem Code du Travail zeréckzefannen. Méi genee an den Artikelen L.431-1 bis L.432-48. Dëss Dispositiounen gesinn haaptsächlech zwou alternativ Prozeduren fir : Déi Éischt ass d'Aféieren vun engem europäeschen Betribsrot, déi aaner ass eng Grenziwwerschreidend Consultatiouns-an Informatiounsprozedur.

D'Asetzen vun engem europäeschen Betribsrot oder déi Grenziwwerschreidend Informatiouns-a Consultatiounsprozedur sinn fir all Entreprise oder Grupp vun Entreprene virgesinn déi eng europäesch Dimensioun hunn. D'europäesch Dimensioun gëtt vun der Directive definéiert duerch eng Entreprise déi op mannst 1.000 Aarbechter an den Memberstaten beschäftegt an op mannst 150 an zwee verschiddenen vun dësen Memberstaten.

Bei der Transposition vum der Directive vum 1994 duerch d'Gesetz vum 28. Juli 2000 huet den Här Marcel Glesener un dëser Stell gesot, dat Directive iwwert d'Aféieren vum engem europäeschen Betribsrot, op d'EU Charta vum den fundamentalen Sozialrechter vum den Aarbechter aus dem Joer 1989 zeréck ze féieren ass. Dës Charta gesäit an hirem Artikel 17 fir, den Salarié'en an de Gewerkschaften Informatiouns-a Consultatiounsrechter ze ginn an den Entreprises, déi grenziwwerschreidend am EU-Raum operéieren. Zu der Charta vum den fundamentalen Sozialrechter vum den Aarbechter muss een och nach den Artikel 27 vum der EU-Grondrechtscharta zielen deen den Aarbechter an hiren Representant'en en Recht op Informatioun an op Consultatioun garantéiert.

Dëss fundamental Rechter vum den Aarbechter sinn d'Standbeen vum europäeschen Sozialdialog a goufen duerch den Traité vum Lissabon iwert den Funktionnement vum der europäescher Union an d'primär EU-Recht integréiert (Titre X, Politique social, Artikelen 151-161).

Här President,

Dir Damen an dir Hären,

Haut geet et drëms dëst Grondrecht op Informatioun an Partizipatioun vum den Aarbechter am Entscheidungsprozess vum der Entreprises weider ze stäerken. Et geet drëms den europäeschen Sozialdialog ze festegen. Wann eng Entreprise eng europäesch Dimensioun huet ass dëst ëmsou méi wichteg: Den Lëtzebuerger Aarbechter soll déi selwecht Informatiounen hunn wéi säin franséschen oder däitschen Kolleg. Zesummen sollen si sech mat hirer Zukunft an mat der Zukunft vum hirer Entreprise kënnen auseneen setzen an, le cas échéant, solle se och zesummen fir hir Rechter an hir Aarbechtsplazen kämpfen kënnen. An der rezenter Aktualitéit ginn ëmmer rëm europäesch Betribsrëit convoquéiert fir iwwert d'Zukunft vum ArcelorMittal an der Lorraine an zu Lëtzebuerg ze diskutéieren. D'Representant'en vum den Salarié'en ginn domadder iwwer déi rezentesten Entwécklungen au courant gehalen.

Firwat ass et iwerhaupt néideg Directive vum 1994 duerch eng nei ze ersetzen ?

D'europäesch Kommissioun huet an hirer Propose déi zu der Directive 2009/38/CE gefouert huet, festgestallt datt europawäit 14,5 Milliounen Aarbechter duerch 820 Betrëbsrëit vertrueden sinn. Dës Réit sinn am Häerz vun den sozialen Relatiounen op engem grenziwwerschreidenden Niveau. Dofir sinn dës Comitéen extrem wichteg fir d'Ëmsetzen vun den ekonomeschen an awer och sozialen Objektiv vum Bannemaart.

Directive vun 1994 huet eng ganz Rëtsch Applikatiounsproblemer mat sech bruecht. Esou ass den Betrëbsrot net genuch consultéiert an agebonnen ginn, wann, zum Beispill, Restrukturatiounen um Ordre du Jour stoungen. Och wann déi Zuelen déi ech elo grad genannt hunn impressionnant sinn, esou huet d'europäesch Kommissioun festgestallt datt nëmme 36% vun den Entreprises déi ënnert d'Directive faalen esou e Betrëbsrot tatsächlech agefouert hunn.

Dëss Situatioun ass duerch juristesche Problemer enstane an der Artikulatioun zwëschen dem nationalen an dem transnationalem Niveau vun der Consultatiounsprozedur an dat notament bei Fusiounen an Acquisitiounen.

Dës Mësstänn sollen elo duerch d'Ëmsetzen vun der neier Directive behuewen ginn an dat, wéi et elo grad schon gesot gouf, duerch en Méi un Kommunikatioun vun Informatiounen an eng besser Consultatioun vun den Aarbechter.

D'Directive vun 1994 huet schonns festgeluecht datt d'Entreprise an en speziellen Negotiationsgrupp en Accord aushandelen mussen fir d'Informatiouns- an d'Consultatiounsprozedur ze bestëmmen oder fir en Betrëbsrot ze schaafen.

Den Contenu vun dësem Accord gëtt elo duerch déi nei Directive méi genee festgeluecht an deem ënner anerem, d'Attributiounen vum Betrëbsrot an d'Informatiouns- an Consultatiounsprozedur besser definéiert mussen ginn. Dësen Accord muss dann och d'Regelen festleeën fir eng besser Koordinatioun zwëschen enger Säits dem Informéieren vum Betrëbsrot an aner Säits dem Informéieren vun den nationalen Instanzen déi d'Rechter vun den Aarbechter verteidegen. Och d'Kompositioun vun den Betrëbsrëit muss an Zukunft méi genee am Accord virgesinn sinn.

Duerch dësen Méi un Präzisioun soll iwert den legalen Wee den Inhalt vum Accord fir d'Asetzen vun engem europäeschen Betrëbsrot obligatoresch definitéiert ginn. Et ass also eng Limitatioun vum Prinzip vun der kontraktueller Fräiheet. Mee vu datt dëss Aschränkung fir d'Beschützen vun den Salariéen steet, wäerten, ënnert dem Stréch, d'Effet'en positiv sinn.

Zu gudder Lescht wëll ech och nach op en anert positivt Element vum Gesetzprojet 6373 opmierksam maachen. D'Memberen vum europäeschen Betribsrot esouwuel wéi och déi vum Negotiationsgrupp kennen an Zukunft Formatiounen matmaachen ouni en Deel vum hirem Salaire ze verléieren. Dës Formatioun ass dofir geduecht fir d'Representanten vun den Aarbechter fit ze maachen fir hier representativ Aufgab an engem internationalen Kontext.

Här President,

Dir Damen an dir Hären,

Dir gesitt, de virleienden Text assi énnestézenswert an ech ginn dofir den Accord vun der CSV Fraktioun vir en esou wéi en vun der Kommissioun proposéiert gëtt ze stëmmen.